N°2339
Entrée le 19.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

D'Opluedstruktur an de Präis sinn ëmmer nach zwee vun de wichtegste Facteure wann et ëm d'Promotioun an d'Akzeptanz vun Elektroautoe geet. Besonnesch d'Transparenz bei dem Oplueden, sief et iwwert d'Reechwäit, d'Geschwindegkeet vum Lueden an och de Präis, spillen eng essenziell Roll wann et dorëms geet d'Konsumenten ze iwwerzeegen an ze fideliséieren. D'Firma E.ON huet an Däitschland elo sougenannte T-Sailen agefouert, Sailen déi de genaue Standuert vun de Statiounen, d'Disponibilitéit vun de Sailen a virun allem och iwwert de genaue Präis pro Kilowatt informéiert. Hei zu Lëtzebuerg ginn et aktuell digital Kaarte wou d'Luedstatioune sinn, awer zum Beispill déi reell Luedgeschwindegkeet an och de Präis sinn oft genuch net affichéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gesäit de Ministère d'Responsabilitéit vun der Transparenz eleng bei de Fournisseuren oder wat fir eng Efforte plangt de Ministère um Niveau vun der Transparenz wat d'Oplueden zu Lëtzebuerg betrëfft ?

2. Ass Transparenz e Krittär an dem Cahier de charges wann et ëm d'Gestioun vun de Luedstatiounen zu Lëtzebuerg geet ?

3. Envisagéiert de Ministère änlech Informatiounssailen wéi uewe beschriwwen hei zu Lëtzebuerg opzestellen ? Falls net, aus wéi enge Grënn ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten